N°2735
Entrée le 05.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, de Monsieur le Premier ministre, Luc Frieden, et de Madame la ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité, Elisabeth Margue, à la question parlementaire n°2735 du 5 août 2025 de Monsieur le député Sven Clement au sujet de la cyberattaque contre POST et de son impact sur les infrastructures critiques

« 1. Gëtt et en offiziellen CVE (Common Vulnerabilities and Exposures) Identifier fir d'Sécherheetslück, déi bei der POST exploitéiert gouf ? »

Post Luxembourg weist drop hin, datt et aktuell keen offiziellen CVE gëtt. Post Luxembourg an de GOVCERT déi zesummen un den Analyse bedeelegt waren, hu vum Fournisseur en Notifikatiouns-Dokument kritt mat den néidegen techneschen Informatiounen a Recommandatioune fir sou enger Attack entgéintzewierken.

« 2. Op wéi eng extern Internetservicer war der POST hir VOIP-Infrastruktur ugewisen, a wéi eng Sécherheetsmoossname waren en place fir dës Verbindungen ze schützen ? »

Op Nofro hi bestätegt Post Luxembourg datt d'Post VOIP-Infrastruktur keng direkt Dependance vum Internet huet a konnt vu ville professionelle Clientë mat fixen Telefone weider benotzt ginn. Wéinst der Attack ass den Accès op DNS Servere fir en Deel vun de Post Clienten net méi méiglech gewiescht, de fixen Telefon huet an deem Fall och net méi funktionéiert.

De mobile Reseau huet och keng direkt Dependance vum Internet, duerch d'Attack sinn awer intern Systemer an en Noutfall-Modus iwwergaangen, dëst huet an dësem Fall zu Connectivitéitsproblemer gefouert. D'Moossnamen déi no der Attack ergraff goufe fir den Impakt op VOIP Servicer ze minimiséiere sinn deemno net vun enger Cybernatur, mee erlabe fir massiv Leeschtungsspëtzten op deene kriteschen Equipementer bei engem kompletten Ausfall vun der Interconnectivitéit opzefänken.

« 3. Huet d'Regierung eng Analyse gemaach iwwer d'Ofhängegkeet vun eisen nationalen Telekommunikatiounsoperateuren vun auslännesche Servicer ? »

D'Regierung suivéiert d'Moossnamen déi d'Sécherheet an d'Resilienz vun de kriteschen Infrastrukture betreffen a gëtt de Bedreiwer dozou Recommandatiounen. Am Kader vum HCPN senger permanenter Aufgab, fir kritesch Infrastrukturen z'identifizéieren, goufen d'Ofhängegkeete vun de kriteschen Infrastrukturen aus alle Secteure vis-à-vis vun den Telekommunikatiounsinfrastrukture schonn detailléiert analyséiert.

« 4. Wéi vill kritesch Infrastrukturen zu Lëtzebuerg sinn direkt oder indirekt op POST-Servicer ugewisen, a gouf dësen Impakt no der Attack evaluéiert ? »

De potentiellen Impakt vun dësem Incident gouf vun den zoustännegen Autoritéiten analyséiert an et bestoung een Echange mat alle kriteschen Infrastrukturen.

« 5. Gëtt et Pläng fir d'Diversifikatioun vun den Internetverbindunge vun eisen nationalen Operateuren ze förderen, fir änlech Risiken an Zukunft ze miniméieren ? »

Den Telekommunikatiounsmarché ass e liberaliséierten, konkurrenzielle Marché, wou all Provider seng Infrastruktur bedreift an op déi Servicer zougräift, déi senge Besoinen entspriechen.

Luxembourg, le 05/09/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles